



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/11/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

Reegelméisseg verëffentlecht d'Regierung an hirem "COVID-19-Wochenrückblick" déi aktuellsten Zuele zur Pandemie. An dësem Rapport loossen sech, ënnert anerem, och Informatiounen iwwert d'Impfquot zu Lëtzebuerg fannen. Sait Oktober 2021 gëtt am Woheréckbléck awer just nach d'Impfquote vun der Bevëlkerung iwwer 12 Joer publizéiert an net méi den Undeel u Geimpftenen par Rapport zu der Gesamtbevëlkerung. Well vill aner EU-Länner hier Impftaxe just par Rapport zur Gesamtbevëlkerung uginn, kann d'Feele vun dëser Informatioun et de Leit schwéier maachen, fir intereuropäesch Vergläicher opzestellen, wat zu Feelere féiere kann, well Zuelen, déi d'Gesamtziel vun der Bevëlkerung betreffe mat deene gläichgestallt ginn, déi just d'Bevëlkerung ab 12 Joer betreffen. Et vergläicht een deemno Äppel mat Bierem. Esou sot och den Haut Commissaire fir national Sécherheet den 16ten November an engem Artikel am *L'essentiel* Folgendes:

In Luxemburg sind fast 82 Prozent der über Zwölfjährigen geimpft, in Österreich sind es nur 65 Prozent.

Wann een de leschte Woherappart awer liest, dann ass Lëtzebuerg bei 75,8% wat de Schéma vaccinal complet bei den iwwer 12-Järegen ugeet an Éisträich bei 74,03% (Stand 16.11) wat d'impfbar Bevëlkerung ugeet. De Prozentsaz vun éischten Impfungen fënnt een leider net méi am Rapport.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat gouf entscheet am Woheréckbléck just nach d'Impfquote vu komplett geimpfte Persounen iwwer 12 Joer ze kommunizéieren ?
2. Wat mécht d'Regierung, fir d'Vergläichbarkeet vu statisteschen Zuelen, am Kader vun der Covid-Pandemie, esou gutt et geet ze assuréieren?
3. Wéi erkläert sech d'Ministesch d'Aussoe vum Haut Commissaire am Interview am *L'essentiel*? Huet hien hei ënnerschiddlech Donnéeën matenee verglach?



www.piraten.lu

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven

Député



www.piraten.lu